N°1909
Entrée le 07.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.02.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 7. Februar 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir d'Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden:

*„Eis gouf zougedroen, dat d'Unzuel vun den ausgebilten Elektriker an deene Leit, déi sech an enger Formation professionelle zum Elektriker befannen, zënter enger Zäit réckleefeg wier. Dëst hätt zur Folleg, dat et fir Patronen a Betriber ëmmer méi kompliżéiert géif ginn, ausgebilten Elektriker ze fannen.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir d'Educatioun, Kanner a Jugend follgend Froe stellen:*

1. *Existéiere Statistiken doriwwer, wéi eng Handwierksberuffer an de leschten 10 Joer réckleefeg Zuelen an hire jeeweilege Formatiounen opweisen? Gëllt dëse réckleefegen Trend och fir den Elektrikerberuff?*
2. *Ginn et Zuelen déi beleeën, wéi eng Formatiounen am Handwierksberäich aktuell vun de Jonke verstäerkt suivéiert ginn?*
3. *Wat fir Mesurë gi geholl fir di Jonk besonnesch a Beruffer ze orientéieren, wou eng Penurie um Marché ass an déi net esou attraktiv an den Ae vun deene Jonke sinn?"*

Mat déiwem Respekt,

Gilles BAUM
Deputéierten

Barbara AGOSTINO
Deputéiert